LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6013 vum 1. Abrëll 2022 vun den honorabelen Deputéierten Här André Bauler an Här Gilles Baum;**

D'Maternité vum CHdN huet effektiv op den 1. Abrëll 2022 seng Dieren temporaire missten zoumaachen wëll kuerzfristeg zwee vun den véier Pédiatren déi normalerweis ofwiesselnd d'Garde an der Maternité assuréieren ausgefall sinn. Dëst huet mat sech bruecht datt den CHdN seng Obligatioun an Saachen Garden sou wéi d'Spidolsgesetz et virgesäit net méi erfëllen konnt.

An Zesummenaarbecht mat der Direktioun vum CHL, dem Service national de néonatologie intensive vum CHL an dem Gesondheetsministère huet d'Direktioun vum ChdN en globaalt Konzept ausgeschafft fir d'Konformitéit mam Spidolsgesetz z'assuréieren esou wéi eng Prise en charge vun den Urgences néonatales. Zu dësem Zaitpunkt lafen nach weider Gespréicher wéi dëst Konzept um Terrain ëmgesat kann ginn. Soubal dës Konzept ëmgesat ass, wäert d'Maternité vum CHdN seng Dieren och nees opmaachen kënnen.

Während där Zäitspan, wou d'Maternité provisoresch zou ass, kënnen d'Fraen déi an der leschter Phase vun hirer Schwangerschaft sinn, beim 112 uruffen fir wann néideg op d'Déngschter vun enger Ambulanz zeréck ze gräifen. Den ChdN setzt sech ënnert anerem dofir an dass all Asaz vum SAMU vun enger Hiefamm begleet gëtt.

D'Maternité vum ChdN betreit haaptsächlech Schwangerschaften mat engem nidderegen Risikofacteur. Vir awer d'Sécherheet vun den Neigebuerenen z'assuréieren, gesäit deen neien Konzept verschidden Moossnamen vir vu que dass trotzdem eng Urgence kann optrieden.

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert